**Een kurzen Reckbleck op d'Paar Houschend**

D'Paar Houschend fannen mir fir d'eischt op gefouert am Joer 1330 önnert Huscheid oder Honsceid an huet deemols zur Paar Laaschend geheiert ze summen mat Braneburg, Grolgen, Mierschend Weller, Nuechtmanescht, Schlönnermanescht, Ouwershlönner an den greissten Deel vun der Önnerschlöner. Also och deemols waren mir an dem Paarverband wou mir lo och eröm sen.
Vun 1350 un gött nömmen mei vun enger Paar BRANEBURG geschwad.
1560 heieren mir fir deischt vun enger Kapell zu Houschend dei der hl. Margaretha geweiht ass.
D'Kappell huet een Altor an een Kielech. Niewend der Kappel wor een klengen kirfecht.
Deemols gouf nömmen all drötten Sonndeg eng mass zu Houschend.
Well die Houschter sech geweigert hun op Schlönnermanescht an d'Mass ze goen haten sie dann ömmer Problemer mat der Obrigkeet.

Vun 1570 un kruten die Houschter dun ganz freih muerges eng Freihmass well den Kaploun musst röm zu Braneburg sen fir an der Houmass ze assisteieren.

Am Joer 1681 ass an der ganzer Paar Braneburg nach keng enzeg Schoul.
Vun 1681 un huet den Kaploun mat Önnerbreechung zu Houschend gewunnt wann en eng Wunneng fonnt huet,
Vun 1704 bis 1783 sen 10 Houschter Jongen zum Priester geweiht gin an bis haut sin et der 17 .
1988 gouf den Leo Wagener an 1996 den Marco Wehles geweiht.
1737 fannen mir den hl. Celsus fir deischt als Patreiner fir d'Pärd , Fest ass den 23. Februar.

Vun 1794-95 un huet d'Franzeisech Revolutioun hirt Onwiesen och hei an den Paaren hannerlos.
D'Kirch gouw zou gemach , d'Klack gouf op Veianen gefouert an vun do aus an Frankreich fir Kanounen dervun ze geissen.
1808 huet dun den NAPOLEON Houschend als Paar unerkant an krut 1809 een eegenen Paschtouer, et wor den Georges THILGES.